Dënschdeg, den 18. Juli 2017

Communiqué de Presse

Zanter dem 26. Juni ass Fischer mat béiswellegen an onverantwortlechen Akten konfrontéiert gin.
Op e puer Plazen bei engem Bësch am Norden vum Land sin Produkter vun der Bäckerei Fischer ewechgeheit gin (Brout, Mëtschen an Pâtisserie).
Vu Spadséiergänger prävenéiert, huet d'Direktioun vu Fischer S.A., mat Ennerstetzung vun der Police Klierf, direkt réagéiert an eng Enquête ass opgemaach gin.
Die néideg Mesuren gin geholl, fit datt die betraffen Plazen gebotzt gin, an datt esou en Akt net méi firkennt. Gläichzäiteg huet Fischer nach eng Kéier all seng Equipen un d'Politik vun der Gestioun vun den onverkaaften Produkter erënnert.

Mat desem Communiqué wellt d'Directioun vum Fischer nach eng Kéier zum Ausdrock bréngen, datt sie sou en Akt net guttheescht.
Well bei Fischer d'Emwelt respektéiert gett, géréiert d'Firma d'Asammelen vun all hiere Produkter souwéi d'Lagerung an d'Behandlung vum Offall mat unerkannten Entreprisen.

D'Asammelen vun de Produkter déi net verkaaf goufen, an déi nach net ofgelaaf sin, si fir d'lëtzebuerger Croix Rouge. Produkter déi ofgelaaf sin, gin verschafft an an Biogas (Fermentatioun vun planzleche Produkter) fir d'lëtzebuerger Baueren emgewandelt.

Waat de Stockage an d'Behandlung vun séngen Offäll ugeet, huet Fischer Léisungen op Mooss geschaaf.Titulaire vum Label „SuperDrécksKescht" zanter Juli 2011, hellt d'Firma aktiv deel un der Préventioun, der Réductioun, dem Recyclage an der Offallentsuergung, an daat an deem gréissten Respekt vun der Emwelt.

Falls Dir trotz allem Zeien sidd an Produkter vum Fischer gesidd déi an der Natur entsuergt gin sin, biede mir Iech dem Bureau vun der Direktioun ënnert der Nummer 00352 77 90 77 226, oder den zoustännegen Autoritéiten sou schnell wéi méiglech Bescheed ze soen.

Carole Muller
CEO Fischer S.A.
carole.muller@fischer.lu